

Nationaldenkmal der zivilen und militärischen Deportation

Sonntag, den 5. Oktober 1975. Tag der Einweihung vorbenannten Denkmals. Das ist ein memorables Datum in den Annalen der Zwangsrekrutierten. Viele Jahre vorher hatten wir uns mit dem Gedanken getragen, ganz besonders aber die Kameraden der hauptstädtischen Sektion, ein Denkmal an dem Ort zu errichten, wo einst der furchtbare Leidensweg der Zwangsrekrutierten und der Umgesiedelten begann. Und zwar geschah das auf Bahnhof Hollerich.

Wenngleich die Initiative von den Kameraden der Hauptstadt ausging, so fanden sie doch begeisterte Mitarbeiter in der «Entente des Sociétés de Hollerich». Nachträglich darf ohne Uebertreibung behauptet werden: Noch nie wurde ein Projekt solcher Größenordnung und Bedeutung so prompt ausgeführt. Soviel Dynamik lässt einen beinah nicht mehr aus dem Staunen herauskommen.

Um halb vier Uhr hatte sich eine ansehnliche Menschenmenge in der rue d'Alsace versammelt. Zwangsrekrutierte, Deportierte und Mitglieder der Hollericher Vereine hatten dem Appell des Organisationskomitees Folge geleistet. Und es war schon ein eindrucksvoller Festzug der sich Richtung Rue de Sedan in Bewegung setzte. Hier wurde kurz Halt gemacht, um ein neues Straßenschild zu enthüllen.

Ein Vorschlag der Kameraden der hauptstädtischen Sektion hatte bei der Stadtverwaltung ein offenes Ohr gefunden. So wurde denn die rue de Sedan, der «Prenzewé», wie ihn die Alteingesessenen nennen, in «rue de la Déportation» umbenannt. Die Enthüllung des neuen Straßenschildes nahmen die Herren Paul Simonis, Präsident der «Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois», und Nicolas Rob, Vertreter der Umgesiedelten aus Hollerich vor. Anschließend legten seitens des



Organisationskomitees René Frascht und Paul Kellen ein Blumengebinde davor nieder.

Nach dieser kurzen Zeremonie begab sich der Festzug zum Hollericher Bahnhof. Hier hatte sich ebenfalls die Musikgesellschaft «Fanfare de Neudorf-Weimershof» eingefunden, sowie eine ansehnliche Zuschauermenge.

Als Auftakt zu der Enthüllungs- resp. Einweihungszeremonie spielte die Neudorf-Weimershofer Fanfare unter der Direktion von Herrn Marcel Wagner den «Chant de départ». Dann ergriff René Frasch, Präsident des Organisationsvorstandes, das Wort und führte folgendes aus :

«Am Numm vum Organisationscomité hun ech d'E'er iéch allegurten hèrzlech ze begréissen. Ech soen iéch Merci fir är Präsenz, déi ouni Zweifel d'Iauguriatioun vum Monument de la Déportation net nemmen verschéinert, mais och ären Interessi un deser gudder Saach beweist.

Merci virun allem all dénen, déi derzou baiigedroen hun, dese Mémorial an knapp zwé Méint régelrecht aus dem Buëdem ze stampfen. An deser kurzer Zait wor et méiglech dest schéint Monumment ze entwerfen an ze réalisieren, wann och net grad ganz ze finanzéieren. Daat wor iewer nemmen ze maaichen, well

- D'Eisebunnsdirektioun esou gentil wor, ons d'Plaatz gratis zur Verfügung ze stellen;
- déi geschriwen an déi geschwate Press, mais och d'Televisioun onse Plang mat dém néidege Geschéck an Nodrock am ganze Land verbrét hun;
- d'Donateuren aus allen Ecken an Ennen aus dem Grand-Duché ons déi finanziell Mëttelen an d'Hand gin hun, fir mat der Constructioun unzefánken;
- déi ganz bekannt an kompétent Firma Marcel Gelhausen aus Céisseng jo gesot hat, d'Exécutioun vun den Arbechten an esou kuurzer Zait auszeféieren;
- d'Gemeng Letzebuurg et iwerholl hat, fir d'Grénganlagen an fir den Entretien ze suërgen.

E ganz spéziellen Merci géht un onsen oniwertrefflechen Artist Lé Tanson, dém seng Renommée net méi gemaach brauch ze gin, an dén fir dest Konschtwierk verantwortlech zéchent, an zwar gratis.

Ganz spéziell Merci soen ech onsem «délégué à la presse», dem Här Norbert Etringer, dén als Lokalhistoriker all Mensch bekannt ass. Et ass hién, dén den Historique vun der Hollerecher Gare geschriwen huet. An dann, last not least, soen ech der Entente vun den Hollerecher Vereiner e spézielle Merci. Vun Ufank un haate sie ons ganz spon-

tan hir Höllef zugesot. Hir Delegéiert, d'Hären Paul Kellen, Paul Delagardelle an Fernand Eyschen, hun eng onschätzbar Arbecht geléscht. Selbstverständlich soen ech och all menge Kollégen aus dem Comité d'organisation villmols Merci. Hinnen wor keng Stonn ze fréi oder ze spéit, ké Wé ze schwiereg oder ze laang, fir mat grousem Idéalismus dese Monument National de la Déportation ze réalisieren.

Ech hun elo grad gesot «Monument National». Firwaat dese «Mémorial» onbedingt en nationale Charakter huet, dorop kommen ech nach z'reck.

Waat elo des Zérémonie ubelaangt, kommen ech net derlanscht, e puur batter a sauer Bemerkungen ze machen.

Mir hun vill Autoritéiten op des Inaugurioun geruff. Et sin der awer net vill kom. Besonnesch déi Hären aus der Regierung féhlen. Si hun v'läicht gefaart, si missten sech drécken fir op d'Foto ze kommen? Et schéingt, et ass erem wéi virun 33 Joér, wéi hei vun deser Plaatz déi vill Letzeburger Jungen an patriotesch Familjen den ongléckleche Wé ungetruëden hun, siéw et fir an déi verhaassten, preisesch Uniform oder siéw et fir an den Exil. Fir vill, all ze vill vun hinnen war et en «départ» ouni «retour». Och démols stongen si elèng, hei op deser Gare.

Wéi dém och ass, mir sin duérfir awer frouh déi Hären Ministeren, Staatssekretären an Députéierten an onser Mött ze hun. Si können secher sin, dat mir daat jiddefalls «à sa juste valeur» ze appréciéieren wéssen.

Waat awer nach vill méi traureg ass, daat ass, dat no 33 Joér et nach emmer eng Minoritéit vun Patrioten gét, déi et net könne loosse, ganz klenglech Ran-künnen op dem Forum vun der Oeffentlechkeet auszedroën. A siéf et nemmen, dat si mat hirer ganzer Krafft versicht hun, d'Réalisatioun vun desem Monument ze sabotéiren. Hir Wullarbecht ass esou grouss, dat — esou schéingt et wéinegstens — d'Regierung schons vun desem béise Virus befall ass.

Et ass mir eng besonnesch Fréd, déne villes opriichtegen Resistenzler an Déportéierten, déi hei an onser Mött stin, zouzerruffen: Esou ass et richteg! Fest an trei zesummostoën, gené wéi démols, wéi mir allegueren déif am Dréck soutzen!

Mir hun ons awer glaat net beîre ge-looss, an hun daaper an trei, jo esougr verbassen d'Verwierklechung vun desem schéine Monument virungedriwen. An daat trotz alle finanziellen Schwierigkeiten.

Wann et och einfach a senger Konzeption, an ganz sober an der Réalisation ass, esou verhennert daat net, dat mir et net mat onsem, a wann och nach esou groußen Idéalismus bezüe le können. Durfir riichten ech vun deser Plaatz nach eng Kéier e vibranten Appell un Regierung, Gemeng an un all Leit, déi guddes Wölles sin, ons ze ennerstetzen.

Ech haat virdrun «Monument National» gesot. Fir waat?

Ma, dese «Mémorial» schléisst ouni Zweifel e Lach an der laanger Reih vun Monumenter, déi en rapport mat den Evénementer vum lèschte Krich opgeriicht si gin. Et gow bis haut nach kent zu E'ren vun den «déportés civils et militaires». Mais net nemmen daat. Et stéht och nach op d'r bëschtméiglechster Plaatz. Jo, op d'r énzig richtiger Plaatz. Op d'r Plaatz, wou de Misère vun dénen ugong, déne mir haut gedenken. Aus desen zwou Ursachen kann et nemmen, jo, et muss en nationale Charakter hun. Mir hoffen, dat d'Autoritéiten an d'ganzt Letzeburger Vollèk an dém Ponkt mat ons d'accord sin.»

Die Enthüllung



Anschließend enthüllten die Herren Paul Simonis und Nicolas Rob das Denkmal. Während Frl. Marie-Rose Sauber, Mitglied der Neu-

JOAILLERIE - BIJOUTERIE - HORLOGERIE

L I N K

Félix Hoffmann-Goedert

10, rue du Curé

No 521

LUXEMBOURG



dorfer Musikgesellschaft, die «Sonnerie aux Morts» spielte, wurde die Trikolore entfernt und das Monument den Blicken der zahlreichen Teilnehmer preisgegeben.

André Frisch, Sekretär des Organisationskomitees, las alsdann laut und weithin hörbar den Text der am Monument angebrachten Schrifttafel.

«A la Mémoire de

2906 Enrôlés de Force, Jeunes Gens et Jeunes Filles des classes 1920 à 1927, tombés, fusillés, morts de privation ou portés disparus,

et de 65 Patriotes Déportés, Hommes et Femmes, morts en terre d'Exil.

C'est en ces Lieux

que, délaissés, avec pour seul appui nos compagnons d'infortune, nous avons pris le chemin du plus vil calvaire.

Unis dans la détresse

et fiers de notre espoir incorruptible, nous ne pouvons oublier ceux des nôtres qui ne connurent plus la joie du retour si longtemps attendu.

Passant, qui que tu sois,

souviens-toi des années tragiques 40 - 45 de l'occupation nazie. Honore le lourd tribut de cette Jeunesse sacrifiée et le martyr de Ceux qui tentèrent de lui porter secours.»

(Les chiffres indiqués sont des chiffres officiels, mais incomplets, hélas!)

André Frisch fuhr dann fort, und hielt die im Nachfolgenden wiedergegebene Ansprache.

«Hei sti mir elo virun deem Monument, daat scho laang hei misst stoen. Op dëser Plaatz, wou de Misär ugong fir 15-dausend Jongen a Meedercher, déi, verlooss vun der ganzer Welt, hirt Kräiz op de Bockel hu missten huelen, fir hir Familjen — an fir hirt Land virun der gréisser Katastroph ze retten. Op dëser Plaatz, wou d'Leed ugong fir 5-dausend Déportéiert — Män-

ner, Fraen a Kanner, déi an d'Oemsiedlong verschléft si gin, well ons Scherben si als Affer erausgeféscht haaten, fir d'Revolt am Land nieder ze schloen.

An esou sin 20-dausend Letzeburger an d'Deportatioun gaangen, well et fir si keng aner Léisong gouf. Déi eng a Rußland oder Gott wéi wur, fir d'Lächer an der Front zouzestoppen, déi aner a Schlésien, a Polen, oder an d'Ostmark, fir als Sklaven ze schaffen, 3-dausend sin nüt erëm komm. Si sin gefall als Schluechtvéi. Si goufen erschoss beim Iwerlaafen. Si goufen nach massacrément — wéi onst Ländchen schons befreit wor. Si sin zu Tambow oder soss enzwousch an engem Russelager krepéiert, oder si sin nach haut vermisst. Si sin zu Leubus, Boberstein, Wartha, oder soss enzwousch am Osten vum «Großdeutschen Reich» zugronn gaangen.

Et soll haut kee kommen a saen, si wieren nüt fir onst Land gestuerwen.

A wann haut een nach behaapte sollt, déi 15-dausend Jongen a Meedercher hätten démols verstoppert kenne gin, oder si hätten no England eriwer geschléist kenne gin, deen ass entwéder en onverbesserlechen Utopist, oder ganz einfach e Ligener.

De Krich ass elo 30 Joér eriwer!!

Et sin elo genau 33 Jor hier, dat mir op dëser Gare stongen, fir verschleeft ze gin, ouni Höllef, ouni Trousch. Ganz eleng mat onse Compagnons de malheur.

An déi Wut, déi mir all an der Panz haaten, déi hu mir duerno am Zuch ofréagéiert, wann et och nüt vill genotzt huet. Räder müssen rollen für den Sieg!! Kenn dir dee Sproch nach??

Mir sin awer wéinegstens erëm komm. A mir stin haut hei, fir daat Verspriéchen anzéliesen, daat mir deenen gin hun, déi nüt méi énner ons sin. Deenen 3-dausend, déi enzwousch an der Friemt leien — an nüt emol e Graw fonnt hun. An déi Dausenter, déi an deenen 30 Jor nom Krich un de Folgen vun hire Wonnen gestuerwe sin, oder déi hire grousse Misär nüt iwerwanne konnten.

Si hun elo hire Monument National, hei op dëser historescher Plaatz, wou mir an Zukonft pilgere können, a wou mir dann a Gedanken bei hinne könne sin. Wou mir un déi schreckliche Zäit zeréckdenke können, déi mir démols matgemaach hun.

Hei stet en elo endlech, de Mémorial, dé mir oprichtete wollten als Souvenir un ons Komeren a Frénn. Als Souvenir och un all déi, déi versicht hun ons ze hëlfen. Leider villfach vergiewes!!!

Hei stét daat Monument, vun deem gesot ass gin, 30 Jor nom Krich, op esou enger gottverloosener Plaatz, wier ké Gedenkstén noutwendeg. Hei stét en trotzdém elo, ganz bescheiden, an einfach, aus Steng zesumme gesaat, déi ons Land duerstellen :

- d'Lä aus Marteleng fir d'Eisléck,
- den lernzer Steen fir d'Guttland,
- déi rout Steng an der Mauer fir d'Minetts-géigend,
- an d'Waaken am Beton fir d'Muselgéigend. De Pad virdrunn ass aus dém Pavé, dé mir do op der Plaatz bei der Entrée vun der Gare erausgeholl hun, an iwert dém mir démols gaange sin, mat dèr énzsiger Hoffnung ganz déif an onsem Härz, dat d'Fräihétssonn — dach baal, o baal — erém iwer onst Ländchen bléngle ke géift.

Ganz kuerz elo de Senn vun der Haaptgrupp: Zwé Bléck stin do. Si stellen déi duer, déi d'Chance haaten erém ze kommen, an déi an oprichteger Trauer an Trei, hirer Doudéger gedenken. Vun dénen an den 30 Jor zenter dem Krich awer schons esou vill gestuerwe sin, duerfir och déni zwéte Stén, déni méi kléng ass. Dén drëtte Block läit um Carreau (an der franséischer Sprooch léist sech symbolesch soen: «ils sont restés sur le carreau»), dé Stén stellt all déi Doudeg duer. An déi 3 Kräizer sin symbolesch fir all déi, déi enzwousch an der Friemt leien, ouni Graw, an ouni Mol.

An do un der Fassad vun der Gare hängt nach emmer daat Schéld mat der Schréft, déi mir gesinn hun, wa mir an den Zuch geklomm sin, an op onst Schicksal gewaart hun.

Mir vun der Sektion Letzebuerg vun den Enrôle de Force, mir haaten keng Rouh a keng Rascht, bis daat Monument op dëser Plaatz stong. Mir haaten keng Rouh, bis dat déi Strooss, wou mir démols gaange sin, bewaacht wéi Verbriécher, d'Maschinengewierer iwerall op ons geriicht, mir haaten keng Rouh, bis dat si dé Numm haat, deen si vun haut un dréit: Rue de la Déportation!!

Mir waren émmer dovunner iwerzégt, dat dëse verloosenen Eck an onser Staad fir ons Nokommen markéiert misst gin. Fir dat se net vergiéissen, wat an déne Joren — vun 1940 bis 1945 — an onsem Land geschitt ass. Si sollen dorun erénnert gin, dat hei an dësem verloosenen Eck fir ons dé grousse Misär ugong, a kén ons rette konnt, trotz dem spontane Streik, déni d'fräi Welt a Staune versaat huet, trotz den

Doudesurtéler, déi ons all entsaat hun, trotz dem Affer vun all dénen Helden, déi fir ons an den Dout gaange sin, oder an d'Kazetter, oder an d'Déportatioun. Duerch hiren Dout an duerch hiren Affer ass onst schéint Letzebuerg Land nét ausradéiert gin!!

Duerch onst Affer awer och!!!

Ons Nokommen sollen awer och wéissen, dat mir hinnen daat Schecksal nét wénschen, daat mir démols erfuer hun. Si hierersäits sollen awer versichen, ons ze verstoen!!! Si sollen begräifen, firwaat mir nét vergiéisse können, wat démols mat ons geschitt ass. An dann verstinn si vlächt och, firwaat et ons esou schwéier fällt, ze verzeien. Mir sin trotzdem derzou berétt!

Op dëser schwaarzer Plak, do un der schwaarzer Lä, kann jidderén, déni hei laanscht kënnt, liesen wéi héich onst Affer wor.

Vun 100 Enrôle de force sin méi ewéi 25 nét erém komm.

Vun 100 Enrôle de force sin der haut schons méi ewéi 50 dout. An trotzdém si mir berétt, ze verzeien!! Helleft ons dach, ém Gottes Wällen!!!

A grad duerfir well mir, déi Jugend vun démols, esou déciméiert goufen, si mir berétt, fir e neit Europa matzemaachen. A wann et némmen duerfir wier, fir dat et niemols méi Krich gëtt, fir dat et niemols méi Kazetter gin!!!


An duerfir och stét hei dëst Monument.»

Einsegnung des Monuments



Sie wurde in Gemeinsamkeit vorgenommen durch den ehemaligen Kazettler Mgr. Jean Bernard, Vertreter des Hw. Herrn Bischofs, sowie durch Großrabbiner Dr. Emmanuel Bulz und Gaston Westphal, Seelsorger der protestantischen Gemeinde der Europäischen Gemeinschaft.

Im Anschluß an die religiöse Zeremonie wurden unter den Klängen eines Chorals von J.S. Bach Blumengebinde am Fuße des neuen Monuments deponiert von der hauptstädtischen Sektion der Zwangsrekrutierten, der «Entente des Sociétés de Hollerich», der Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois, der Direktion der luxemburgischen



Eisenbahnverwaltung, der «Association des Enrôle de Force, Victimes du Nazisme», der «Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940-1945», der «Amicale des Anciens de Tambov», der «Amicale des P.W. du Camp de Compiègne», dem «Desch-Tennis, Hollerech» und dem Turnverein «Avenir-Hollerich».

Zum Abschluß dieser denkwürdigen Feier spielten die Hollericher und die Neudorfer Musikgesellschaften die Nationalhymne. Als

Ausklang

wurde um 18 Uhr im «Centre Culturel» von Hollerich der Ehrenwein kredenzt. Paul Kellen, Präsident der «Entente», bedankte sich bei allen, die auf irgendeine Art zur Errichtung des Natio-

nalen Denkmals der Deportation und zum Gelingen der Einweihungsfeier beigetragen haben. Demnächst wird das Gebäude des Bahnhofs Hollerich der Spitzhake zum Opfer fallen. Um es in der Erinnerung zu halten, so wie es seit Jahren dort steht, hat die Hollericher «Entente des Sociétés» eine «Mini-Taak» herausgebracht. Zum Preise von 280 Franken ist sie erhältlich.

P.S.: Gelegentlich der «Journée de Commémoration Nationale», am 19. Oktober 1975, legte eine Delegation des Vorstandes der hauptstädtischen Sektion der Zwangsrekrutierten, unter Führung deren Präsidenten, Kam. René Frascht, ein herrliches Blumengebinde vor dem «Monument National de la Déportation» nieder.

s. n.

Neijohrs-gratulatio'nen

Encourage'ert durch de schéinen Succès vun déne leschte Johren, hu mir beschloss och dest Jahr erem Gratulatio'nslöschten am «Les Sacrifiés» ze publize'ren.

Et ass daat e Beweis vum Komeroedschaftsgéscht önner den «Enrôle» engerseits an hiere Frönn anerseits, eng Komeroedschaft op de'er ons Stärkt base'ert.

Et ass awer och eng gudd Geléenhét fir ons Solidarité't no baussen ze démonstréieren. Dir erspuert lech Mé an Zeit, wann der lech op eng vun déne Löschte setze losst, de' déne lokalen Komiteesmemberen zur Verfügung gestallt gu'wen. Da sitt Dir secher net vergiéß ze gin.

Et gét natirlech och, wann Dir 50 Frang op de Postscheck No 313 29 vun der Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôle de Force, Luxembourg, iwerweist. Schreiwt Ere Numm an Adress däitlech, w.i.g.

D'Redaktio'n